Belvaux/Sanem, le 27 avril 2018.

déi gréng Gemeng Suessem

secrétariat communal

Betrëfft: ***Är Froën un de Schäfferot vum 28. Mäerz 2018***

Kontakt: Carole Remy
Email: carole.remy @sanem.lu
Telefon: (+352) 59 30 75 619

Madamm Faber-Huberty, Här Cornély,

Betreffend Är Froen vum 28. Mäerz 2018, well de Schäfferot lech folgend Äntwerten ginn :

1) Bei de Gespréicher tëschent de Schäfferéit vun Déifferdeng a Suessem an dem CEO vu Knauf Insulation Belgium, huet den Här J-C Carlin, CEO vu Knauf Insulation Belgium, den Historique vum Grupp Knauf, de Chiffre d'affaires an d'Virdeeler vun der Steewoll presentéiert. Déi zwee Buergermeeschteren, de Georges Engel an de Roberto Traversini, hunn erkläert datt si zwar fir eng industriell Diversifikatioun vun der Regioun sinn, dëst awer net zu all Präis. D'Wuelbefanne vun den Awunner steet fir si am Virdergrond. En Expert, deen déi zwou Gemeng dozou gezunn hunn, huet seng Kritiken zu der Implantatioun geäussert an de Responsabele vum Grupp Knauf huet doropshi versprach datt nëmmen déi beschten Technike benotzt géinge ginn an datt Tester en Cours si fir d'Prozedur ze verbesseren. D'Resultat ass, datt d'Gemengen op eng Etude d'impact global bestinn. D'Gemengen äusseren och no den Explikatiounen weiderhin hir stark Bedenken zum Projet.

2) De Schäfferot proposéiert op déi concernéiert Zone eng Servitude « urbanisation – industrie innovatrice » ze léen am Kader vum neie PAG.
Dës Servitude « urbanisation – industrie innovatrice » géif sech wéi follegt definéieren :
« La zone de servitude « urbanisation – industrie innovatrice » vise à établir et à développer des activités économiques innovatrices dans la zone d'activités au lieu-dit *Gadderscheier*.
Les terrains superposés de cette zone sont destinées à accueillir des entreprises contribuant à la décarbonisation de l'économie nationale. Seules sont admises les activités qui ne mettent pas en péril la protection de la qualité de l'air, de la qualité de vie et de la santé humaine.

Y sont interdits toutes activités qui ont un impact notable sur la qualité de l'air, tel que défini à travers le Programme National de Qualité de l'Air, dans les localités environnantes. Y sont notamment visés la concentration de poussière, de particules fines, d'oxydes d'azotes, de dioxyde de souffre et d'ammoniaque dans l'air ambiant ainsi que les émissions olfactives.
La détermination de l'impact sur la qualité de l'air est à déterminer individuellement pour l'établissement en question et de manière cumulative pour l'ensemble des zones d'activités économiques au lieu-dit *Gadderscheier*. »

3) De Suessemer Buergermeeschter steet a reegelméissegem Kontakt mam Wirtschaftsminister an huet dësen och gebiede fir méi fréi iwwer potenziell Implantatiounen an den Industriezonen informéiert ze ginn. D'Besetzung vun den Industriezonen ass allerdéngs och ofhängeg vun der Nofro déi vu Säite vun de Betriber kënnt.

D'Sekretärin,

Manon Greven.

Fir de Schäfferot,
de Buergermeeschter,

Georges Engel.